Diekirch, le 15 mars 2021

Affilié :

au Syndicat Professionnel de la Force Publique (S.P.F.P.)
à la Confédération Générale de la Fonction Publique (C.G.F.P.)

**RefNo: SPAL/019/21**
**Objet: Avis Kontrakt vum Zaldot**

Här Minister,

Mat dësem Bréif wëlle mir Iech eisen Avis zum Kontrakt vum Zaldot matdeelen.

Mir hu leider no eiser Entrevue misse feststellen dass keng vun den aktuellen Optioune vum Zaldotekontrakt eis richteg iwwerzeegt. No enger gewëssenhafter Analys hu mir festgestallt dass keng vun de Méiglechkeeten déi richteg fir eis Zaldoten ass a mir eis weiderhin an hirem Interêt wäerten asetzen.

Allerdéngs hunn mir festgestallt dass den ⅓ C2 ⅔ Zaldot Prinzip ze optimistesch geduecht war an den C2 Taux ze héich ass. Mir sinn awer ëmmer nach der Meenung dass een neit Ëmdenken an des Karriär muss kommen. Eng  Relance vun der C2 Karriär kéint d'Planungssécherheet vun der Arméi maassgeeblech verbesseren a soll an eisen Aen ee vun den Haaptpiliere fir eng Professionaliséierung vun der Arméi vun der Zukunft sinn!

Fir op den Zaldot selwer zeréck ze komme géife mir weider op den 3 Jores Kontrakt bestoen,  mat der Méiglechkeet ze re-engagéieren. An dat no engem Entretien individuell deen no 18-20 Méint stattfënnt, wat dem Zaldot, an och der Arméi, méi Stabilitéit an der Planung vun der Zukunft gëtt.

An den UDO 24-27 sinn 179 Zaldoten vereedegt ginn, dovunner 9 bei der Arméi bliwwen. 35 Kontrakter sinn dovunner verlängert ginn dat entsprécht 20,5% an deen Taux ass an eisen Aen sécherlech nach ausbaufäeg.

Déi Prozedur vum Rengagéiere steet eréischt am Ufank an dat elo opzeginn, wou d'Meiglechkeeten dovunner nach laang net ausgeschöpft sinn, wier an eisen Ae fahrlässeg. Et misst ee vläicht un e puer "Stellschrauwen" dréinen, net méi.

D'Optioun vun engem 4 Joer Kontrakt misst gegeebenfalls méi ausgeschafft ginn iert mir eis weider dozou prononcéieren. Wat den Zaldot nämlech virun allem brauch si Perspektiven, well déi Jonk Mënschen déi der Arméi bäitrieden um Ufank vun hirem Beruffsliewe sinn.

Si si prett een Deel vun hirer Jugend ze ginn, fir dem Land a sengem Vollek ze déngen, an dofir ass et ëmsou méi wichteg deene jonke Fraen a Männer konkret Optioune mat op de Wee ze ginn, fir hiert Liewen no der Arméi.

Et muss een sech bei ären 2 Optioune bewosst sinn dass et eng Verschlechterung vum aktuelle Kontrakt ass. Just fir e puer Beispiller ze ginn: Zaldote komme méi spéit an hier spéider Carrière eran, avancéiere méi spéit, gi méi spéit an de Promotiounsexamen an hu mat deem klenge Salaire e grousse Verloscht wat d'Pensioun ugeet, just well se manner abezuele bei engem klenge Solde.

A Gespréicher mat allen Syndicat'en déi dëst duerch d'Exclusivitéit oder Prioritéit betrëfft war erauszehéieren dass si d'Optioun vum Verlängeren net ënnerstëtze kënnen.

Fir all weider Fro oder Kommentar bleiwe mir natierlech zu ärer Verfügung.

Mat syndikalistesche Gréiss

**Fir de Comité**

| | | |
|---|---|---|
| **Norman HEINDRICHS** | **Tom BRAQUET** | **Christian SCHLECK** |
| **Secretär** | **Member** | **Président** |

SPAL
BP 166
L– 9202 DIEKIRCH
comite.spal@gmail.com
www.spal.lu